N° 7228
Entrée le 23.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.11.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural 8
Référence: 740/2022
23 NOV. 2022
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 23. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Den Ubau vun Gromperen ass en traditionellt Standbeen vun eiser Landwirtschaft a spillt am Zesummenhang mat der Diversifizéierung vum Agrarsecteur eng wichteg Roll. Dat gëllt och fir d'Setzgromperen, wou d'Produktioun staark op den Export ausgeriicht ass. Setzgromperegenossenschaft liwwert beispillsweis 85 Prozent vun hirer Produktioun a méi wéi 20 verschidde Länner, virun allem an Osteuropa, Nordafrika an an den noen Osten. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen.

- Wéi vill Setzgromperen sinn an de leschte 5 Joer zu Lëtzebuerg produzéiert ginn?
- Wéi vill Setzgromepren sinn an de leschte 5 Joer an d'Ausland exportéiert ginn an a wat fir Länner?
- Vu dat d'Bevëlkerung weider wiisst, ass d'Regierung net der Meenung, dat d'Produktioun vun Iess-, awer och vun Setzgromperen, misst ausgebaut ginn, fir d'Versuergung vun de Leit laangfristeg ofzesécheren?
    - Wa jo, mat wat fir Mesuren wëllt d'Regierung d'Grompereproduktioun méi attraktiv maachen?
- Ass d'Regierung der Meenung, dat Gromperen sollen als Geméis unerkannt ginn, fir dat d'Produzenten op déi selwecht Aiden kënnen zréckgräifen wéi d'Gäertner?
    - Wann nee, firwat net?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen, Deputéiert**


CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 7228 vun der éierewäerter Deputéiert Madamm Martine Hansen**

**Wéi vill Setzgrompere sinn an de leschte 5 Joer zu Lëtzebuerg produzéiert ginn?**


D'Produktioun vu Setzgromperen an de leschte 5 Joer ass a folgender Grafik resuméiert. Bei den ugemellte Fläche fir d'Produktioun vu Setzgrompere sinn och Flächen am Ausland dobäi, déi vu lëtzebuerger Betriber bewirtschaft ginn. Am Duerchschnëtt vun deene leschte 5 Joer ass den Undeel vun Auslandsfläche bei 20 % mat Variatioune jee no Joer, dëst ass bedéngt duerch de Fruuchtwiessel op de produzéierende Betriber. Déi ofgebillt Mengen entspriechen deem, wat un Saatgut resp. Pflanzgut an den Handel komm ass. Fir 2022 leien nach keng weider Zuele fir, well den Handel fir déi nächst Saison nach net ofgeschloss ass.




**Wéi vill Setzgrompere sinn an de leschte 5 Joer an d'Ausland exportéiert ginn an a wat fir Länner?**

Déi produzéierte Mengen u Setzgromperen an de leschte 5 Joer ass an der Grafik hannendrun duergestallt. D'Bruttomeng ass d'Quantitéit, déi an der Saison ugeliwwert gëtt. D'Nettomeng ass nom sortéieren an Ausbotze vun der Bruttomeng. Déi zertifiéiert Meng ass déi Quantitéit, déi herno als Setzgromper unerkannt ass an och verkaaft oder weidervermehrt gëtt. D'Differenz tëschent der zertifiéierter Meng an der Exportmeng ass d'Quantitéit, déi als Setzgromper zu Lëtzebuerg bleift.

Do si jee no Joer méi grouss Differenzen. Dëst ass bedéngt, dat jee no Joer den Akaf vun auslännesche Lousen un Setzgrompere méi grouss ass. Am Duerchschnëtt vun deene leschte 5 Joer si knapp 80 % vun den zu Lëtzebuerg produzéierte Setzgromperen an den Export gaangen.




| | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Total Brutto (to) | 13540 | 10558 | 10685 | 10270 | 10050 | 8815.8 |
| Total Netto (to) | 11893 | 9558 | 9492 | 9079 | 8858 | |
| Total zertifizierte Mengen (to) | 9218 | 7083 | 7127 | 6243 | 4399 | |
| Total exportierte Mengen (to) | 7002 | 6378 | 5488 | 4553 | 3652 | |

D'Exportlänner fir Setzgrompere sinn a folgender Tabell fir déi lescht 5 Joer festgehalen.

| | |
|---|---|
| 2017 | Algerien, Armenien, Ägypten, Belgien, Bosnien, Deutschland, Dänemark, Frankreich, Griechenland, Großbritannien, Irak, Italien, Libanon, Niederlande, Portugal, Serbien, Spanien, Slowenien, Jemen, Zypern. |
| 2018 | Armenien, Ägypten, Belgien, Bosnien, Deutschland, Frankreich, Griechenland, Großbritannien, Irak, Italien, Libanon, Montenegro, Niederlande, Portugal, Serbien, Spanien, Slowenien, Tunesien, Ungarn, Zypern. |
| 2019 | Ägypten, Belgien, Bosnien, Dänemark, Deutschland, Frankreich, Griechenland, Großbritannien, Irak, Italien, Montenegro, Niederlande, Portugal, Saudi-Arabien, Serbien, Spanien, Slowenien, Tunesien, Ungarn, Zypern. |
| 2020 | Ägypten, Belgien, Bosnien, Dänemark, Deutschland, Frankreich, Griechenland, Großbritannien, Irak, Italien, Libanon, Montenegro, Niederlande, Portugal, Serbien, Spanien, Slowenien, Ungarn, Zypern. |
| 2021 | Armenien, Ägypten, Belgien, Bosnien, Deutschland, Dänemark, Frankreich, Griechenland, Irak, Italien, Kosovo, Libyen, Libanon, Madeira, Mali, Montenegro, Niederlande, Portugal, Ungarn, Serbien, Spanien, Zypern. |

**Vu dat d'Bevëlkerung weider wiisst, ass d'Regierung net der Meenung, dat d'Produktioun vun Iess-, awer och vu Setzgrompere misst ausgebaut ginn, fir d'Versuergung vun de Leit laangfristeg ofzesécheren? Wa jo, mat wat fir Mesure wëllt d'Regierung d'Grompereproduktioun méi attraktiv maachen?**

| Iess-gromperen | 2010 | 2011 | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022p |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Hektar | 176,9 | 183,5 | 182,0 | 146,5 | 162,0 | 168,5 | 197,6 | 216,2 | 221,3 | 212,1 | 275,9 | 311,0 | 280,6 |
| Tonnen | 6.152 | 6.231 | 6.438 | 4.777 | 5.563 | 4.196 | 6.564 | 8.045 | 5.532 | 4.903 | 6.470 | 7.224 | 5.722 |

D'Evolutioun vun de Flächen, op deenen Iessgromperen ugebaut ginn, huet sech an de leschte Jore gutt entwéckelt. Den Eegeversuergungsgrad bei den net verschafften Iessgrompere kann een an der Moyenne vun de leschte 5 Joer op ongeféier 40% schätzen. Wann een di verschaffte Forme vun Iessgrompere géing dobäihuelen, da wier dee Prozentsaz awer warscheinlech ee Stéck méi niddreg.

Bei de Setzgrompere geet de gréissten Deel vun der Produktioun an den Export, do stellt sech d'Fro vun der Versuergung op nationalem Niveau eigentlech net esou. Hei ass virun allem wichteg, dass des Produktioun ekonomesch intressant fir eis Betriber ass. Dat kann nëmme fonctionéieren, wann di produzéiert Wuer och hiren Ofsaz fënnt.

**Ass d'Regierung der Meenung, dat Grompere sollen als Geméis unerkannt ginn, fir datt d'Produzenten op déi selwecht Aiden kënnen zréckgräife wéi d'Gäertner? Wann nee, firwat net?**

Am Uebst– a Geméisbau ass eng sougenannte gekoppelt Bäihëllef virgesinn. Dat heescht, dass déi Bäihëllef nëmme fir Flächen ausbezuelt ka ginn, op deenen Uebst oder Geméis ugebaut gëtt. Am Kader vun der europäescher Agrarpolitik zielen d'Gromperen net zum Beräich vum Uebst a Geméis. Bei de Grompere wier an deem Kader esou eng gekoppelt Bäihëllef nëmme fir Stärkegromperen, awer net fir Iess- oder Setzgrompere méiglech.

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen